LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°757 vum 17. Mee 2024 vun den éierewäerten Députéierten den Häre Ben Polidori a Sven Clement iwwert "Conférence annuelle de l'ONU sur le climat à Baku"**

**Wäert d'Regierung och dëst Joer erëm un der Weltklimakonferenz deelhuelen? Falls jo, wéi eng Ministere wäerten op Baku reesen?**

Op der UN-Klimakonferenz am November 2024 wäerten, genee wéi déi Joere virdrun, wichteg Decisiounen am Kader vum der Ëmsetzung vum Paräisser Accord geholl ginn. All Vertraagsparteien, dorënner och Lëtzebuerg, wäerten op der COP29 vertruede sinn. Wéi eng Regierungsvertrieder, nieft dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit dee Lëtzebuerg um ministerielle Segment vun der Konferenz vertrëtt, eventuell op Baku reesen ergëtt sech zu engem spéideren Zäitpunkt.

**Huet d'Regierung wëlles, fir dëst Joer selwer ee Pavillon zu Baku z'organiséieren, eventuell zesumme mat engem EU-Nopeschland?**

Lëtzebuerg plangt, genee wéi déi Jore virdrun, zesumme mat der Belsch, Holland an der europäescher Investitiounsbank un engem gemeinsame Pavillon op der COP29. An dësem Pavillon wäerten déi 3 Länner an d'B.E.I. hire jeeweilege Partner d'Méiglechkeet gi fir hir Projeten, Programmer a Kollaboratiounen am Beräich vum Klimaschutz ze illustréieren.

**Wéi wäert Lëtzebuerg op der COP29 fir seng nohaltëg Finanzplaz werben?**

D'Kompatibilitéit vun de Finanzstréim mat enger Entwécklung Richtung Klimaneutralitéit a Klimaresilienz ass ee vun den dräi Haaptziler vum Paräisser Accord. An dësem Kontext sinn déi concernéiert Acteure wëllkomm fir zu Baku d'Promotioun vu Lëtzebuerg als Plattform fir nohalteg Finanzen ze assuréieren.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit